adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 AOUT 2018
3989

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Verkéiersvirschrëfte sinn do, fir de Verkéier vernënfteg a sécher ze reegelen. Dozou gehéieren och sënnvoll determinéiert Geschwindegkeetsbegrenzungen an awer och Mindestgeschwindegkeeten.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1. Op den Autobunne sinn nëmmen esou Gefierer zougelooss, déi eng Mindestgeschwindegkeet vu 40 km/h realiséiere kënnen. Wéi laang ass dës Reegelung schonn a Kraaft?
2. Firwat duerf ee mat engem 50 ccm d'Autobunn aktuell net benotzen, wann do Gefierer zougelooss sinn, déi eng Mindestgeschwindegkeet vun nëmme 40 km/h musse realiséiere kënnen?
3. Och duerch ze niddereg Geschwindegkeete kënnen Accidenter verursaacht ginn - besonnesch op enger Autobunn, wou vill aner Gefierer mat 130 km/h fueren. Fënnt den Här Minister, datt 40km/h nach eng adequat Mindestgeschwindegkeet fir op der Autobunn ass, oder ass hien der Meenung, datt déi Mindestgeschwindegkeet misst eropgesat ginn? Kéint den Här Minister seng Usiicht kuerz begrënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 août 2018

Objet : Question parlementaire n° 3989 du 10.08.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Vitesse minimale pour véhicules motorisés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés